# MOIEN!

MIR SINN D'JUGENDHAUS
VUN DER GEMENG
KIELEN! (JUKI)

Fotoen an Text **JUKI asbl**


# OPSICHEND JUGENDAARBECHT VUM JUKI KIELEN AN OLLEM


## ZILER VUN EISER OPSICHENDER JUGENDAARBECHT:

- D'Jugendlecher aus der Gemeng Kielen motivéieren, fir de Juki ze besichen
- D'Siichtbarkeet vum Jugendhaus erweideren
- Den ëffentlechen an digitale Raum an deenen sech de Jonke beweegt als Ressource notzen
- D'Visitten unhand vun der opsichender Jugendaarbecht a béide Jugendhaiser erhéijen
- D'Angeboter vun de Jugendhaiser upassen un eng erweidert Clientèle

Sozialpedagogesch Betreiung och bei Jonken erméiglechen, déi nach net d'Jugendhaus am Alldag besichen.

Um Ënn vum Joer 2022 huet d'Team vum Juki gemeinsam entscheet, dass et och hei an der Gemeng Kielen Zäit gëtt mat der opsichender Jugendaarbecht unzefänken. Doduerch, dass mir scho säit Joren eng verstäerkt digital Präsenz weisen an dëst an eiser alldeeglecher Aarbecht notzen, fir de Jonken eis pädagogesch Angeboter mei nozebréngen, ware mir online am Virfeld gutt opgestallt. Esou kënnt et, dass de Juki online Informatiounen iwwert d'Aktivitéiten an d'Angeboter vum Jugendhaus och an den digitale Räim verbreet an deenen sech déi Jonk vill beweegen. Dëst gëtt vum Juki als Ressource genotzt, fir de Jonken ze erreechen.









Am ëffentleche Raum fënnt een dat pädagogescht Team vum Juki säit 2023 andeems mir een „Tuer duerch Duerf“ maachen, kuerz „TDD“. D'Team huet dofir Pläng an der Gemeng erstallt, wou ee ville Jonke begéint. Een Erzéier léisst sech an der Gemeng doduerch erkennen, dass en ee Kleedungsstéck vum Juki unhuet.

Am Ufank vum Joer 2024 gouf et ee Wiessel am pädagogeschen Team, sou dass och wärend dësem Joer vill néi Iddie wäerten optauchen, fir d'opsichend Jugendaarbecht ze erweideren.

De Juki ass och op diversen Eventer präsent fir d'Visibilitéit vu béide Jugendhaiser ze verstäerken: On Stéitsch Festival, Néie Mataarbechter Dag, National Porte ouverte vun de Jugendhaiser zu Lëtzebuerg, Emaischen, BeActive Woch vum SNJ, Kanner- & Jugendfloumaart zu Keespelt, Chrëschtmaart zu Kielen, etc.

An Zukunft wäerten do sécherlech weider Eventer bäikommen, wou d'Team vum Juki vertruede wäert sinn.





DË - FR: 14:00 - 20:00 | SA: AKTIVITÉIT | INFO@JUKI.LU

JUKI SINCE 1998

**ËFFNUNGSZÄITEN**
**JUKI KIELEN**

LIBERATIOUNSTROOSS
L-8283 KEHLEN

T. 621 247 335

**ËFFNUNGSZÄITEN**
**JUKI OLLEM**

RUE DE L'INDÉPENDANCE
L-8327 OLM

T. 621 247 424

**MIR SINN DËNSCHDES AN DONNESCHDES VU 14-15 AUER ONLINE OP FB, INSTA A CO.**

ALL DËNSCHDEN AN DONNESCHDEN VUN 18 BIS 19 AUER MAACHE MIR ZESUMMEN EN TUER DUERCH D'DUERF.